N°2005
Entrée le 04.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Sozialversécherung weiderzeleeden.**

All Mënsch kann am Liewen op mannst eng Keier schweier krank ginn. Fir deenen ze hëllefen, déi aus Krankheetsgrënn net schaffe kënnen, existéiert de Congé de maladie, deen dofir geduecht ass, dass d'Leit während enger Krankheet net an d'Aarmut rutschen a weiderhin hire Salaire kréien, bis et hinnen erëm besser geet. De Congé de Maladie schaft Solidaritéit a Vertrauen an d'Gesellschaft an ass eng wichteg sozial Errungenschaft, déi onbedingt muss beibehale ginn a virun allem deene Leit zegutt kommen, déi e brauchen.

Zënter enger Ofännerung vum Gesetz vum 10ten August 2018 iwwerhëllt d'CNS de Salaire vun enger krankgeschriwwener Persoun fir eng maximal Dauer vun 78 Wochen.

Et ass awer esou, dass verschidde Krankheetsverleef méi laang dauere kënnen, wéi 78 Wochen. D'Deadline vun 78 Woche kann eng krank Persoun awer och an d'Laberenten bréngen an onnéidege psychologeschen Drock verursaachen, well si weess, dass vun engem Dag op den aneren d'finanziell Situatioun kann dréinen. No 78 Wochen muss déi krank Persoun selwer kucken, wéi et fir si weidergeet. Da bleiwe vu staatlecher Ënnerstëtzung nëmmen nach Hëllefen, wéi de Reclassement oder d'Invaliderent.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Opgelëscht pro Joer an zënter 2019, wéi huet sech d'Zuehl u Persounen entwéckelt, déi an engem Joer méi wéi 77 Deeg am Krankeschäi waren?

2. Fir déi selwecht Oplëschtung, wéi vill Persounen hunn an engem Joer d'Maximaldauer vun den 78 Wochen Krankeschein iwwerschratt a kruten deemno keng Indemnité de maladie méi?

3. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1558 vun 2015 goufen Informatiounen geliwwert, wat mat deene Persoune geschitt ass, déi d'Maximaldauer vum Krankeschein iwwerschratt hunn. Kann d'Ministesch d'Zuelen fir d'Joren 2019 bis 2024 virleeën?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten